CONSERVATOIRE de MUSIQUE
ESCH-SUR-ALZETTE
50, rue d'Audun/avenue des Terres Rouges

Schouljoër 2010/2011

Eegnungstest

Lëtzebuergesch Dictioun

Sonndes, den 4. Juli um 17.00 Auer
Samschdeg, den 18. September 11h30

Pflichttext :

De Jeek an de Schleek (Ujheen Forman)

Et stong emol esou vir e Jorer fënnefandrësseg e brave Stengkläpper op der Kopleschter Landstrooss a wor grad drun, sech bei fënnefanzwanzeg Grad Alkohol am Schiet un d'Schaffen ze gin. Fir d'éischt klappt en emol ganz gemälleg säi Kliefchen aus, hëlt dann aus sénger Limonadsfläsch e gehäerzte Schotz Trester, späitzt sech an d'Hänn, gräift nom Kläpper - a klipp, klapp, klipp, klapp fänkt en u, bei de Schotter ze man, datt onser Herrgott am Himmel séng gelleg Freed drun hat.

Well de léiwen Herrgott huet ons nët op d'Welt gesat, fir doheem um Pelz ze leien oder och nawell heibaussen ze maulafen an op déi Manéier him den Dag an den Hénger d'Brout ze stielen. - Paditu ! Den Herrgott huet ons op d'Welt gesat, fir datt mer schaffe sollen an duerch ons Aarbecht him d'Äppel bezuele kënnten, déi den Uedem an d'Éiv him an der Zäit stibitzt haten - dir wësst jo, demols, wéi den Herrgott déi zwéin um Kiischtebam erdappt an a sénger éischter Roserei de Kantunjeesschweess erfond hat. „Im Schweiße deines Angesichtes“ - hat e gesot - an haut musse mir aner déi puer muedebëtzeg Ramboe schwéier beräpsen.